

Schloft ro'eg, dir helden,
bekannt an onbekannt.
Dir hutt den ed gehalen,
mir halen en och.

D'Unio'n

Jor 2 - Nummer 52

ORGAN VUN DER UNIO'N

12. Mé 1945

DE FEIERLECHEN DÉFILÉ VUN DER „UNIO'N“ WOR EN HOMMAGE UN D'GRANDE-DUCHESSE

Doruner konnten weder d'intriguen vun extrem-rechts,
nach d'politesch interventio'n vun extrem-lens eppes äneren.

D'Unio'n, trei zur kro'n an trei zum land, ass fir eng politik fum gesonden mënscheverstand

Den défilé:

Fir d'Grande-Duchesse ze e'eran,
ass d'Unio'n géscht durch d'städ
gezun. De' am krich de stack vun der
resistenz gebild hun, all wollten se
derbei sia, fir d'Grande-Duchesse
beim palais ze begreissen, fir Hir
merci ze soen, fir alles wat se ge-
mäch huet, fir ons d'freibét erém
ze gin.

D'Unio'n ass défiléert, leidd aus
allen diérfer, aus alle stiéd vun land.
I' wollt kén enn gin: Géscht huet é
gesin, we' stärk d'resistenz am krich
wor, a we' éneg se nach haut ass.

D'fréd d'Grande-Duchesse erém ze
gesin, d'begeschterong fir Hir ze soen,
ewe' gier mer se hun, an de wonsch
Hir ze weisen, datt mer am glaw un
Hir he'ch autoritéit an un biss gro'ss
sagesse, beréit sin, an der nerdnong,
an der freihéit, Hir ze hellefen e
glécklecht Letzeburg opzbauen, hätt
dausenden an dausenden op d'bén
bruecht, an engem défilé, eso' gró'ss
an eso' éneg, we' d'städ nach ké
gesin hatt.

De gudde wällen, trei zur kre'n an
trei zum land ze stoen, huet all dénen,
de' um cortège dégeholl hun aus den
an gelicht. Hir confiez an d'Grande-
Duchesse ass illimitéer! Hir hoff-
nung, datt elo, wo' d'Grande-Duchesse
erém dohém ass, alles an d'rei gét,
lóssen se sech net huelen.

A wann én d'r hoffnung an d'r
confiez, de' sech durch Hir ovatio'n

der Grande-Duchesse vis-à-vis zum
ausdrock bruecht hun, eng politesch
interpretatio'n wéllt oder muss gin,
dann némmen de' elei:

„D'Unio'n, trei zur kro'n an trei
zum land, ass fir eng politik vum
gesonde mënscheverstand.“

D'politik vum bon sens.

Et ként vir, datt d'politik vum bon
sens, an enger oder an der anderer
fra, à conflict ass, matt dém, wat
d'extrem partieen bezwecken, beson-
nesch dann, wann se aus dem wonsch
eraus, um rudder ze bleiwen oder un
d'rudder ze kommen, d'intresse vun
de partieen, virum d'intressen vum
land stéllen.

D'politik vum bon sens wéllt, datt
jidferén wässer an sei wein schétt,
an datt d'land, eso' läng et net zu
wâle ka kommen, vun enger regirong
gelét gét, zu dèr, besonnesch an déne
schwierégen zeiten hei, a virum allem
op wirtschaftlechem a finanziellem
gebidd, competent leidd erugezu gin,
und dann, wann se kenger politi-
scher partié ugehe'eren.

Zum schluss sét d'Unio'n nach all
hire memberen, an och de musik-
gesellschaften, de' um cortège dél-
geholl hun, merci.

An elo, wo' de fridden erém agezun
ass, wéllé mer un d'arbecht gaen, en
neit a glécklecht Lefzeburg opze-
bauen, Énan dem ruff:

Vive d'Grande-Duchesse!
Vive d'Lefzeburger Land!

15.000 Unio'nisten défile'eren virum palais

Wuel kaum én hatt sech virgestallt,
datt dén dág, dén dach dé leschten
vun all de feierdég wor, eso' vill
intressi ervirruffe ge'ng an datt dén
dág d'städ eso' gestruppte voll vu
leidd ge'f.

Aus alle ge'genden sin s'erbei
kom: aus dem Minette, vun der
Musel a Sauer, aus dem E'stleck a
vun der westgrenz. Schon am vir-
mëttel sin énzel zich ukomm an hun
de' escht mënschemassen an d'städ
ergoss. De' kleng anonym minoritéit

no ofgewéckelt huet. Matt de schnei-
deger De'fferdenger musék un der
spézt go'ng et ém 1/3 durch d'Nei
Aveue, de Boulev. Royal virun de
palais.

Niéft de sectio'nsfendelen go'we
schélter matt onsen häpsächlechste
furderungen gedroen. Me' we' zwe
stone läng ass e stro'm vu leidd
virum palais défiléert. An enger
fénster vum palais stong de prénz
Felix, de prénz Jang an d'prinzessin
an bun de leidd zo'gewént. All
ke'er, wann eng sectio'n virum
palais blo'f fir hinnen eng extra
évatio'a ze bréngen, huet de public
sonderem maigtgemach an da wollt
d'veve-rufen kén enn me' huelen.

Am allgemeinen waren d'sectio'nén
gudd vertrueden, zemol wann é he-
dénkt, datt énzelner ze see keng
zuchverbondong hätten an eng oder
zwo' stonnen lu missie marsche'eren,
ir se iwerhapt bei eng gare ko'men,
vu wo' aus en zuch an d'städ gängen
ass. Enzel sectio'nén hätten extra
succès de' we'nst hirer spezieller
opmáchong we' z. b. Veianen, Wurm-
meldeng a Miérsch, déls we'nst hire
patrioteschen actio'nén am krich we'
z. b. Nidderkuer a Suessem oder
wann se besonnesch vill geschure
kapp énnert sech hätten.

D'enn vum cortège wor nach net
erriwer, we' d'Grande-Duchesse matt
Hirer begléidong an den Cercel ge-
far ass.

We' sech dun eng mass leidd vum
Knuedler op d'Place d'Armes a bewe-
gung geséit huet, go'f et e gequêtschs
an e gequêtschs, we' mer et némme
vun der Onofhangéckéitsfeier an erën-
nerong hun. Trotz der battre sonn
huet de public ausgehafen an der
hoffnung d'Grande-Duchesse ze gesin.

Am Cercel huet dun de' eigenlech
feier stattfont d. h. d'ovatio'n vun
der Unio'n un ons le'f Grande-
Duchesse. Et waren erschéngé
d'herrscherfamil, d'regirong matt
ausnahm vun den hñren ministeren
Margae a Bodson, de burgerméchster
an de schefferot vun der stadt Lefze-
burg, d'americanesch, franse'sch a
belisch representanten.

Als introductio'n huet den d'r
Sonntag matt engem cho'er an der
militärmusék verschidde leizeburger
lidder matt vill gefill an temperament
virgedroen.

Als eschte riédnier huet de presi-
dent vun dem ZC, den hñr Nicolay,
d'wurt ergraff, hei ass wat hié sot:

Madame,
Altesse Royales,
Excellences,
Mesdames, Messieurs.

Au nom de l'Union des Mouvements
de Résistance Luxembourgeois, je prie

D'Unio'n erschent 3 mol d'woch. —
Abonnement: 30 frang pro quartal
Enzelnummer 1.50 fr — Geschäfts- an
amtliche annoncen 2 fr, all aner annon-
cen 1.75 fr — Expeditio'n a redactio'n:
Al-Awenü 40 — Telefon 51-85 — Post-
scheck Nr. 6491 — Spurksgiro 800
— Interbankkont Nr. 2737 — Ver-
antwortlich ass de redactio'nscomite.
Lédong: Benn FABER

Ein Misston erklingt aus dem „Luxemburger Wort“

Am „Luxemburger Wort“ vun e
mittwoch, dem 9. mé stét geschrei-
wen, datt den défilé vun der Unio'n
e missto'n an der sche'ner harmonie
vun onser friddensfeier wir.

Den artikel, intituléert: „Der Mis-
ton“ hätt den zweck d'leidd vum eor-
tige vun der Unio'n ewech ze hâlen.

Wann én awer géscht gesin huet,
datt trotz der interventio'n vum
„L. W.“ hal 20.000 däusend leidd, a
beschter ueednung, un der manifesta-
tio'n vun der Unio'n dégeholl hun,
da muss én sech soen, d'emprise vum
„L. W.“ op séng liéser ass net me' vu
welit hir.

Dat ass zu engem gewëssen dél
durop zréckzef'eren datt d'„L. W.“
o'mi eng spur vu critiq matt der regi-
rong durch déck an dënn gét, hapt-
sächlech awer leit et un dem arro-
ganten to'n, dén d'„L. W.“ an der
leschter zeit sech der Unio'n an dem
land vis-à-vis erlabt.

Eng politesch interventio'n

Den 8. mé huet d'kommunistesch
partei, fir den 10. mé, zo' enger poli-
tesch démonstratio'n opgefordert.

Fir eng confusio'n z'évite'ren,
huet d'Unio'n sech gezwinge gesin,
de patriotesche charakter vun hirer
manifestatio'n durch en uschlag,
dém sein text elei reproduzert gei,
nach eng ke'er erwirchiéwen:

Trei zur kro'n

en frei zum land!

D'Unio'n c'ert den 10. mé
d'Grande-Duchesse

De' ovation' huet e'ng patriotesche
charakter

D'Unio'n distance'ert sech
heimatt formell vun alle
partiepoliteschen démonstratio'nen
D'UNION

Pelschtonnen, den 20. mé
ass zu Nidderkuer eng gró'ss
feier. Drei haptponkten stin um
programm.

1. De grondstén get geluecht zu
engem monument fir all de,
de' fir d'hemecht gestuerwe
sin.

2. De galerienbunker Hondsbesch
get opgemut a besichtegt.

3. D'theaterstéck „Refractaire“
get énnier freiem himmel op-
gefert.

Alles ként op Nidderkuer!

D'ovatio'n am cercel

Vos Altesses Royales, d'accepter l'hommage indéfectible à la Maison Souveraine et particulièrement à Celle qui, aux heures les plus sombres de l'oppression, était pour nous le fanal de la Résistance.

Le 10 mai 1940, l'Allemagne, parjure et barbare, violent sa promesse solennelle, envahissait le Grand-Duché de Luxembourg.

Avec une clairvoyance et un esprit de décision, auxquels l'histoire a déjà rendu hommage, Votre Altresse Royale a relevé le défi et donné ce même jour, le signal de la Résistance. En prenant la route de l'exil, Votre Altresse Royale, nous a montré le chemin du devoir et de l'honneur: Ne jamais accepter l'affront d'une honnête soumission. La Résistance Luxembourgeoise a réagi à l'exemple héroïque que Vous avez bien voulu lui donner.

Avec Votre départ, la Résistance était née.

Elle a entendu Votre appel, et elle s'est groupée: elle a défendu farouchement avec tous les moyens à sa disposition Notre chère petite Patrie.

Sans armes, sous le système satanique de l'opresseur, Elle s'est mise à l'œuvre, la tête haute et pleine de courage.

Malgré les cruelles persécutions de l'ennemi;

malgré les années de souffrances, où tant de nos meilleurs compatriotes ont succombés aux tortures physiques et morales dans les geôles et camps de concentration;

malgré les nombreuses déportations; malgré l'ultime sacrifice de nos camarades tombant sous les balles des pelotons d'exécution, la Résistance n'a flanché à aucun moment, arrachant même à ce brutal ennemi des aveux d'admiration.

Pour le moment, il est impossible d'énumérer les actes de dévouement et de patriotisme dont a fait preuve la Résistance dans cette lutte inégale.

La brutalité d'une administration ennemie n'a pu entamer notre volonté de rester Luxembourgeois, de vivre et de mourir Luxembourgeois.

Les étapes de notre calvaire Vous sont connues, Altresse Royale.

En octobre 1941, le recensement tenté par l'Allemand, lui a révélé l'état d'esprit de ses victimes.

Septembre 1942 a vu le pays tout entier, dressé dans un élan unanim pour protester contre la plus odieuse violation du droit des gens que l'Allemagne venait de commettre en embriagant de force des jeunes Luxembourgeois dans son armée abhorree et sous ses drapeaux exécrés.

La Résistance n'en a été que plus forte, que plus décidée.

Le sang de nos martyrs et les larmes de nos mères, de nos épouses, de nos soeurs, de nos enfants, ont scellé, à tout jamais le pacte de l'union de ce peuple avec sa Souverainie bien aimée, porte-flambeau et symbole de la Résistance, de la Liberté et de l'Indépendance du Luxembourg.

Quand aux heures les plus sombres de l'oppression, un sentiment de dé-couragement étreignait nos coeurs, alors il a suffit d'entendre la voix douce et prenante de Votre Altresse Royale, pour nous consoler dans notre déresse et retrouver notre courage à continuer la lutte.

Nous saluons respectueusement, à côté de la Grande-Duchesse, Leurs Altesses Royales, Monseigneur le Prince Jean, qui se sont mis à la tête des héroïques Volontaires Luxembourgeois, pour hâter la libération de notre patrie.

Nous sommes heureux de pouvoir saluer les représentants des Pays Alliés et Amis qui par leurs présences ont tenu à rehausser l'éclat de notre ovation.

Qu'il nous soit permis d'exprimer à l'adresse de nos grands libérateurs

l'hommage de notre profonde gratitude.

Que serions-nous devenus si la victoire n'avait été la récompense de leurs loyautés et courage.

Nous déplorons la mort du Grand Chef des Etats-Unis, Monsieur Roosevelt, qui a témoigné à Notre chère Patrie tant d'amitié et tant de sollicitude.

Nous nous inclinons avec un profond respect devant l'immense douleur des familles de nos martyrs et héros tombés pour l'honneur et la liberté de la patrie.

Enfin après cinq années d'oppression et de sacrifices, l'heure de la paix a sonnée.

Altresse Royale

En ce moment nous renouvelons notre serment:

„Trei der Kro'n an Trei dem Land“ que nous avons prêté à Notre Grand-Duchesse pendant l'occupation.

Sous Votre conduite éclairée, l'Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeois met à votre disposition toute sa bonne volonté et, toute sa force et tout son dévouement pour ramener notre chère Patrie dans les voies du travail, de l'ordre et de la paix.

Vive la Grande-Duchesse

Vive la Maison Grand-Ducal

Vive le Luxembourg

Vive les Alliés.

L'Union se permet d'offrir à Son Altresse Royale, en guise d'hommage respectueux un tableau, peint par Mademoiselle Lily Unden, artiste-peintre luxembourgeoise, détenu encore dans un camp de concentration.

sistenz dem feind entzunn — hinne falsch pabeieren. gin, jongen iwer d'grenz geschmoggelt, geheim sender opgestallt, spionage a sabotage gedriwen, den transit vun dausenden vun entlaufenen frans'schen krichsgefangenen organisiert. — Vill ofgeschoss allie'ert flieger sin durch si opgefahrt an hémgelét gin.

Et ko'm och den dag, wo' d'résistenz an maquis stong. — D'Résistenz huet fir d'land geliewt an si huet och bewisen, datt si fir hirt land stierwe konnt.

Haut e'ert d'letzeburger vollek ali singen helden.

Mir dënken un ons martyr aus de KZ., mir denken un ons helden vum september 42 a vum februar 44, de' bei den massen ersche'ssongen gefall sin.

Mir denken och un den onbekannten Letzeburger dé fir sei land am KZ. erschloen go'f.

Mir denken un ons gefalen zaldoten, un dc', de' fir hirt land an den allie'erten armé'en oder am frans'schen maquis gestriiden hun an um champ d'honneur gefall sin o'ni onst freit land erem ze gesin.

Mir denken matt vill schmierz un ons letzeburger jongen de' fir feind a Russland verschlief huet an de' do an engen onmenschlech - tragescher zwangslag gefall sin.

Mir denken un jidderén dé fir seng letzeburger hémecht gefall ass an un all dc' de' fir d'hémecht gelidden hun. Durch hiren sacrifice war d'résistenz vun der hémecht iwerhapt me'g'lech.

Si hun de ruff an d'beispill vun onser le'wer Gro'sherzogin befollegt an si hun grad ewe' Si, alles fir d'hémecht dru gewöht.

Si hun kén moment gezéckt fir hab

Durno ko'm'den hér Carmes un de microfon:

Hommage à nos martyrs,

morts pour la Patrie

Vous, nos martyrs, vous nous manquez aujourd'hui. Mais soyez en sûrs, nous savons que notre bonheur est lourd de vos souffrances, de votre mort. Cette séance n'a de sens que pour vous. Réunis autour de Celle dont l'image a hanté vos derniers rêves, nous communions avec vous au même idéal d'une patrie luxembourgeoise, libre et heureuse.

Nous célébrons la présence des absents.

Vos tombes, qu'elles se trouvent au fond de l'océan, dans les plaines de Russie ou au fond de quelque fosse sans nom, vos tombes aujourd'hui fleurissent, car nous sommes au plus beau mois de l'année et votre sang a été fertile, puisque la paix a visité cette terre.

Comme il n'y a pas de mot qui apprache de l'horreur de certaines tortures qui vous ont préparée la tombe, inst aucun pardon ne saurait jamais être prononcé. En sûrs aucune de os morts, aucun des deuils que vous laissez ici-bas n'aura été inutile. A vous, les morts de notre patrie luxembourgeoise, notre hommage et notre gratitude.

Fénnef joer! Fénnef joer bludd an do'd! Wo' ass dé riédner, dém seng sproch wieder genuch huet, wo' ass té schriftsteller, dém seng phantasie biller genuch fënt, fir dat alles erëmzeggin, wat matt onse leidd geschidd ass, de' haut net me' énnert ons sin.

Am le'wsten ge'fe mir dat bludde blåd an onser geschicht émdre'en. Awer mir därfte net. Si, d'fraen, d'mammen an d'kanner vun dénen, de' ausgelidden hun — a si, de' ons martyrer erëm hém bei ons délege'ert hun, si all erënner ons un ons responsabilité. Eng ke'er huet d'mënschheit am 20. jorhonnert et licht mam fridden geholl; eng zwéte ke'er net me'. Ce serait un défi à Dieu.

Em hién, hiren härgott, sti si, vum eschten do'egen un, dé schon den 10. mé gefall ass, bis zu dém, dén déser dég nach matt sengem liéwen de fridde bezuelt huet.

Schon den 10. mé 40 hu männer hir fliekt gemäch, wo' se dach vireran wossten, datt all widerstand émsoss wär. Schon den 10. mé huet de' durch d'preisesch invasio'n bedengt évacuation mammen a kanner an den do'd gedriwen. A seit dém dag hun si sech d'hand gin, d'männer, d'jungen, d'fraen, de' Letzeburg iwer alles place'ert hun, de' an der grësst vun der no't d'grësst vun hirer aufgab erkant hun.

D'jungen, de' vun der eschter stonn un sech als vonlontaires an d'alle'ert armé'en gemellt hun, de' sech matt der verhässter Wewrmacht gemitess hun o'ni leider haut de fridden ze erliewen.

Em si gruppe'ren sech d'maquisaren, de' net eleng fir hirt liéwen matt me' chance ze retten an de maquis gänge sin, sondern fir do op eng direct a wirksam manc'er ge'nt de' preiss ze schaffen... bis verrod si virun d'preisesch kugel gestalt huet. Ah! dir bunker vun den F. F. I., vun der armée blanche, vun onsem E'stëck we' oft hu granaten iech zum graw gemäß? Mir brauchen némmin d'leid vun Hengesch ze froen, wat se nach vun déne jongen erëm font hun!

Net me' we' dat, wat eng fra zo'geschickt kritt huet, wann hire mann am K. Z. gestuerwen ass, wann äsche kommt sin, wo' si sech huet missé froen, ob se wirklech vun hirem mann wäreun a wo' d'Gestapo hir da geroden huet, net nach eng ke'er ze froen — oder wann si iwerhapt neischt me' kritt huet, mol keng zeil me', de' hir gesot hätt: siéf stäck we' ech! Nén, d'barbarei, de sadismus huet triumphé gefeiert am do'd vun onse martyrer.

Prisongen, lager, KZter matt ère gas-kummeren, matt ère sandkaulen, sot ons, wivill letzeburger dir an der

Den zentralcomité vun der Unio'n sét heimat alle musekgesellschaften, de' ons feier versche'nert, an allen Unio'nsmemberen, de' délgeholl hun, bëschteens merci.

Le'w Letzeburger!

Komeroden vun der Resistenz!

D'Unio'n vun de Letzeburger Freiheitsorganisatioun huet iech haut zsummeggeruff fir ons le'wer Gro'sherzogin, onse Prënz Félix, ons Prëzenzen an ons Prënzessinnen ze e'ren, well mer jo leidder keng geléenhet hâten Si ze begre'ssen, we' se aus dem exil an d'hémecht zeréckko'men.

Mer wellen och haut dem ganze land beweisen, datt mer solidaresch a bridderlech zsummestim wann et emt d'interessen vun onser le'wer hémecht gëtt.

Mer hun duerfir den 10. mé gewielt, well den 10. mé en historeschen dag vun onser geschicht ass.

Et war den 10. mé we' zu London de vertrag iwer d'onofhängegekét vu Letzeburg proklameert ass gin.

Et war den 10. mé we' d'preisen onst ländchen iwerfall hun a wärend 5 lânger joer matt alle mëttelen versicht hun ons dem nazisystém ze énnerwëfen.

Elo ass de fridden endlech do!

Et aas de moment fir de bilan vun de leidder vum resistenten vollek ze dépone'eren.

No provisoreshen — leidder nach net vollstännege leschten — sin iwer 200 leidder an de K. Z. exécuteert oder do'd geschlo'en gin.

Dausende vun Letzeburger so'ssen iwer 105 000 000 vu gefangenestonnen fir hirt land am preissesse K. Z.

Vum resistenten letzeburger vollek sin 30.000 Letzeburger verschlief gin als dengschtpflichtet, émgesiddelt oder a preissesse uniformen gestach gin.

D'letzeburger Résistenz ass stolz op hir arbecht am krich! Am krich huet se tracten gedréckt a verdélt, jongen verstoppet, iwer 3000 jongen huet d're-

a gutt, so'gur de kapp an d'spill ze setzen fir hir hémecht ze dengen.

D'ganz welt huet matt d'wster be'wonnerong den ongleiche combat verfollegt dénen dat klenkt Letzeburg ge'nt de preisesche koloss gefo'ert huet.

Wién huet der grësser weit den eschten signal zur Résistenz gin?

ET WAR ONST KLENGT LETZE-BURG!!

A mir kénnen haut matt stolz soen: MIR HUN ONS NET VUM PREISS ENNERKRE'EN LOSST!

Et huet schwé'er affer kascht an onser gro'sser famill, awer de' affer durfen net emsoss gewiéscht sin.

Mir hun iénen eweg ze wëschen a wonnen ze hélen. Mir hun elo fridden. De krich ass gewonnen! Awer onst schwé'er blesseert land stét virun gewaltegen aufgaben. De wé ass schwé'er awer kloer.

Hanneren ons de' do'deg, ons martyrer, de' leidder de' onst d'lând gerettet hun a virun ons de' wonnerbar wierdervun onser Grande-Duchesse:

„Nous édifierons malgré les ravages et l'usure morale des années d'oppression, une cité nouvelle, plus humaine, plus juste, plus habitable surtout aux classes travailleuses, qui ont défendu la patrie avec tant d'amour, de courage et d'abnégation.“

Mir incline'ren ons virun de fastjilen vun onse gefälénen patrioten. Mir trauerem matt hinen a mir délen hien de'wen schmierz.

Ent awer ruffen mir hinnen zo:

LETZEBURG ASS STOLZ OP IECH, LETZEBURG VERGESST IECH NI.

Streng disciplineert, hand an hand énner der lédong vun onser le'wer Grande-Duchesse welle mir zesummeschaffen fir e glécklech, e freit an onofhängege LETZEBURG.

VIVE ONS GRANDE-DUCHESSE, VIVE LETZEBURG.

qual gesin hutt. Du verflachte preisesche buedem, so ons, wo' sin de' gefall, de' den 2. sept. 42 erschoss si gin, well si dem land an der ganzer welt bewisen hun, we' é klenkt letzeburger land dat 1000järegt reich net färt, wann et em d'e'er vu Letzeburg gét.

Du verflachte preisesche buedem, so ons, wat hun se gemäch matt onse martyrer vum 25. februar 1944, matt dénen, de' „zur Fahnenflucht Hilfe geleistet haben“. So ons, we' si se gestuerwen! Oder so et le'wer net, well deng wieder ge'fe verlängen, datt d'allie'er arme'en dech total zertrüpple missten. „Fahnenflucht“! Do fankt d'bludd un, ze fle'ssen an ze fle'ssen: si ware verstopppt, awer d'nooper hätten ze vill en dënne mond, den ortsguppenleiter en ze vill schärf a, an d'judässen en ze vill sche'ne lo'n.

Letzeburg, trauer em deng jongen, ob si op der flucht selwer gefall sin oder soss a Russland, an Afrika, wann de' preisesch uniform hinne blo'ss bis an d'hierz verhässt war a si d'liéwen op d'spill gesät hun, fir 3, 4, 6, 8 geschwëster matt papp a mamm ze retten. Letzeburg, trauer iwer deng kannen, gross a kleng, arm a reich, de' durch d'bombardementer hu misse falen, de' als otages erschoss go'wen, de' an der dezember-offensive d'liéwen hu misse lössen. De' e'scht an de' lescht ursach vun all dém ass de preiss.

Villeicht hun ech der vergiessst, awer du, härgott, kenns si all, och de', de' un de folgen vun engem satanischen traitement hei hém gestuerwe sin, oder scho vum do'd gezéchent sin. Ni kenne mir ons de' genug verneigen virun dénen, de' mir nennen: morts pour la patrie.

Hir cause ass ons cause, awer dreimol me' helleg: si sin fir d'land gestuerwen, mir musse liéwen fir d'land. Si hun u Letzeburg gegléwt, mir wéssen haut, datt mir durch si émmer gléwe kenneen, wa mir hirem idéal trei an der énegkét vun alle gudde patriote liéwen an der gerechtegkét an an der le'wt. An enger gerechtegkét, de' spéziell de fraen an de kannen vun onse martyrer beweist, datt we' hier pappen a männer och mir onsem land net eleng matt sche'ne wieder dengen wéllen.

Dofir schloft ro'eg, dir helden, bekannt an unbekannt. Dir hutt den éd gehalen, mir halen en och! Huelt de fridden, dén dir ons erkäft hutt, matt an èrt graw. Ni soll an onsem land en dermôssen asozialen oder antinationalen acte pose'ert gin, datt dir iéch am graw misst émdre'en. Ni! Schloft ro'eg am e'wege fridd bis op dén dag, wo' mir iéch all réemannen, iéch ons martyrer, drape'ert an ons tricolore, an d'r ro'd fiédem de' drei farwen zesussummenhalen. Merci, fir de' ro'd fiédem vun èrem bludd!

An dénen zwe' riéden ko'men ons gefalen helden, KZ-ler a. e. w. zu e'ren. Et huet é gespirt, datt hei de leidden aus den hèrzer geschwât go', datt de gre'ssten dél vun der populatio'n voll a ganz matt dem programm d'accord wor. D'Letzeburger leidd hun dat matt hiren spontanen a be-géschterten applaus, dé matt zeiten kén' enn konnt-kre'en, bewisen.

Den hèr Carmes huet a sengen aus-féerongen eso' realistesch biller vun dem leiden an den doten vun onsen heide gin, datt kén hèrz onbere'ert konnt bleiwen a muncher tre'n huet missen gedréchent gin.

Me' deitlech konnt d'ménong vum vollék net ervirbruecht gin an datt de'je'neg, de' am krich hire mann gestallt hun, och wélles hun nom krich net manner um dill ze sin.

Summa summarum kenne mer stolz op des réussert feier sin de' e bombesuccès hât an de' hires gleichen a puncto organisatio'n a. e. w. siche'gét.

We' zum schluss d'Hemecht gesonge go', du huet en dâwe gehe'ert, datt do leidd matt jongen hèrzer, matt energie a begeschterung sech enger sach verschriwen hun, de' én-zeg an eleng d'sach vun der hémecht ass. Kén hurrapatriotissem, mé oprichtegkét a wirklich hémechtsle'ft. Si hu gewisen, wo' de' anonym minorite't stécht, aus welche ge'genden si sech recrute'ert a we' hiren état d'esprit wirklich ass.

hèr Margue matt sanktio'nén ge'ni d'patriote gedrét.

Dat war de' ye'erte schlag
vun offizieller seit ge'nt de rapatriement.

D'gro'sscherzogleich famijen huei all erlichterongen a perse'nlech matt'hélf versprach, de Prénz Félix ass perse'nlech op Dachau gefur, mir soen him héimatt villmol merci, et huet geschengt ewe' wann elo alles klappe soiit.

E freideg konnten zwé wén vun der Unio'n no Thüringén furen, fir e grosse rapatriement ze prépare'eren.

Sechs camionen waren e samscheg de murgen prett, bensin wor do, d'chauffeuren an en offize'er worn do' d'pobeleren worn an der rei. Grad we' se furen sollten, kënt de lieutenant, dé matt goe sollt, matt dem offiziellen nerder — helbleiwen.

Explicatio'n: d'grenz vu ganz Deitschland wär we'nt epidemien gespärt. Offiziell plazzen un de' du eru getrueden ass gin — worn net ze spricéhen.

Dat wor de' fennete schlag
an des ke'er hu mir d'beweiser, dalt et eng bewosst ligen ass.

Well schon e sondeg wo'sst jidérén, datt d'zich matt de rapatriement huet.

erten émol we' d'anert mol iwerl d'grenz ko'men. Den 8. më, d'Pless-dârm wor strupp voll leidd, ko'men erem zwé camionen, é matt Letzeburger, dén aneren matt landesver'reder.

Op 24 stonnen gét et net un, mengen an deser affär d'officiel herschaften.

Dir hèren et gét op eng stonn eso' gur op eng halfe stonn un, an dem fall Dachau huet et sech bewisen, wann direct eppes énnerrhol gi wir, da wären ons leidd elo hei hém au si missten net nach 14 dég wärden.

Mir mussen eng fro stelen: „Firwat gét et net virun mam rapatriement, hun ons spätzen angest virun de rapatriement?“

Virun e pur wochen hât d„Luxemburger Wort“ an engem zockeresse'ssen artikel „Welkom Dohém“ ons rapatriement gewarnt, sech dach némmen net vun den onzefridenen élémenter falsch berichten an eso'gur ophetzen ze lössen. De' héchelei an dat infam gestéppels vun „der zeidong“ ass gott sei dank vun alle klor denkenden Letzeburger op hire riechteg wèrt geschat gin. Dir hèren, et get vun iéch eng sot ausgese'i, de', wann s'opgét fir iéch de' schlëmmste folgen huet.

Victory-Day zu Letzeburg

Wann de krich emol aus ass.... we' oft hâte mer dé saz am monn, we' oft si mer matt dém gedanke schloft gäng an entschlaf a wat hu mer net sche'nes a guddes dermatt verbonnen: Keng liéwesmëttelkárte me', keng schläng me' stoen fir det oder dat ze kre'en a. e. w. Mir hâte gemengt et ke'm emol ganz plötzlich an onward a mi'r ge'wen eso' vun der nouvelle iwerrascht, datt mir et net gléwe këntent. Et ge'f we' eng explosio'n wirken, de' an engem brochdél vun enger minutt ons vum krich an de fridde befördere ge'f.

Et ko'm anescht, Ganz lues, we' op schlappen ko'm de fridden erun a mir hun e gesin op ons durkommen. All dag hât ons besser norichte bruecht, bis datt keng besser me' iweg bliwen ass ewe' d'capitulatio'n vun Deitschland an domatt de fridden.

So'bal we' d'nouvelle den circuit an der stad gemäch hât, huet é gespirt, datt eppes wichteges geschitt wir, wann én och nach neischt gewosst huet. En opotmen ass durch d'leidd 'gängen. E be'sen drám wor verflunn, d'deischter wolleken hätten sech verzunn an den himmel wor hell an d'sonn huet geläch. An den aen vun de passanten huet se sech eremgespigel, de' sonn, op de' millio'n a millio'ne mënschen matt bângem hoffe gewärt hun, an si huet se géblennet matt hire wärme, fréndliche strâlen.

An engem nu hât ké mënsch me' nach de' geréngste loscht fir eppes ze schaffen. Schnell go'f d'geschir, de' pënsel oder d'fiéder op d'seit ge'leucht, sech an de' „frack“ geworf an de fridde gefeiert.

Aus alle fénsteren ko'men d'fendelen orvir, de' fendelen, de' de ganzen krich iwer verstopppt worn an de' an déne leschte 9 me'nt bal all dag dobaussen hongen a vum wiéder geblécht go'wen.

Op émol, em 4 auer nomëltés hât sech op der gare e cortège vu studenten an -innen forme'ert a matt sangen, lâchen an zodi schloen huet en sech durch d'Al Avenue an d'stad a bewegong gesat. Si worn domatt

de' e'scht, de' ons de fridden annoncéert hun, wann si et och schons net offiziell gemât hun, eso' huet én hinnen et dach vun de gesichter ofgeliés.

No desen an dénen énzelactio'n a manifestatio'n huet d'freiwléleg compagnie „Garde Charlotte“ matt der militärmusek em 1/210 auer owes e fâkelzuch organise'ert. Aus allen ecken a strôssen sin d'leidd erbe' komm fir sech den emzoch, we' men é 6 jor net me' gesin hätten, unzuckucken. D'geschäfter hätten all festlech belichtong an d'Nei Bréck huet sech erem am scheinwerferlicht présente'ert. D'americanesch zaldoten wore net me' sécher an de strôssen. Wo' némmen én sech blécke gelöss huet go'f en an d'lücht gehuewen an op e pur kräfteg letzeburger schélleren spaze'rer gefo'ert.

Em 1/210 auer huet den zuch seit aus der kasären iwer d'Al Bréck op d'gare op de wé gemäch an d'cif d'Nei Avenue gong et rem an d'stad. D'militärmusek un der spätzt, dann d'compagnie a schliesslech onse männdchen a weiblechen nowuiss. Op der Place d'Armes huet dann d'militärmusek d'nationalidder vun de verénte nati'onen gespiilt; andém hun dausende vu leidd beim Palais gewärt. Wann d'Grande-Duchesse matt de Prénzekanner op de balcon ko'men, ass all ke'er e stûrm vun ovatio'nen lassgebrach; datt dolef et dichteg gedréckt a geschubbst go'f, ass selbstverständliche.

We' schliesslech d'fâkelzuch beim Palais nko'm, huet e nach eng ganz mass leidd matt sech bruecht. Nodém d'Grande-Duchesse, d'prénzessinnen an de prénz Chiarel erem op de balcon komm worn, huet d'militärmusek nach émol d'nationalidder vun de verénte nati'onen gespiilt an domatt wor d'feier eriwer.

Bis de' an d'nuecht go'f viru gefeiert, gebechert, getoast, gesongen a gedanzt.

Mé net all konnten sech fréen, muencherén huet sech an den eck gedréckt an dru geduecht, wat de fridden him bruecht huet....

Ons spätzen sabote'eren de rapatriement

Net ze gléwen, mè wo'er!
Beweis: de rapatriement vu Buchenwald an émge'gend.

Hei brenge mir e pur latsâchen. Ellech dég no der libératio'n schécken de' vu Buchenwald e vun hire kameroden matt enger lëscht no Letzeburg fir hire rapatriement an de wé ze lédien.

Am biuro de rapatriement krit hién den offizielle beschéd, t'breicht neischt me' gemäch ze gin, well zwé fransesch offize'er grad matt der nouvelle dogewiéscht wiren, d'Letzeburger le'ge matt de Franso'sen vu Buchenwald no bei der letzeburgscher grenz a ke'men ge'nt 4 auer un.

**Dat war de' e'sdt onwo'recht
vun offizieller seit**

Drei dég ass hei gewärt gin, drei dég ware verlur. Du solen se, 't wir en irlom gewiéscht.

Den dag vum amtsuntrëtt vum hèr Margue, minister vum rapatriement, huet de buchenwalder kamerod, zésumme matt memberen vun der Unio'n, eng démarche bei em gemäch. Se ge'fen fir den aneren dag erembestallt. Den hèr Margue huet e gesot, 't wiren haut zwé offize'er, de' hèren Priissen a Bréinesch no Buchenwald gefur. E ble'f do fir alles op der plaz z'arrange'eren, dén

anere ke'm erem fir hei dat ne'degst ze mächen.

Dat war de' zwét onwo'recht,
well 't ass ni eppes vun dénen offize'er zu Buchenwald gehe'ert gin.

Me' d'sach ass erem e pur dég zréckgesat gewiéscht.

Ons frénn vum Biebësch de' gesin hun we' all de' aner nati'onen hémge'oll go'wen, an an dém chaos dobaussen d'gedold an dat bësché gesondhét verlur hun; dat hinnen nach blo'f, hun erem é vun hire kameroden erof geschéckt, dén no enger schrecklecher rés hei nko'm. Hien hât geschewén eraus, datt matt de büroen neischt unzéfünke wir, an huet matt leidd vun der Unio'n ze summen e convoi organise'ert. We' se bei de minister vum rapatriement ko'men fir d'pobeleren ze kre'en, huet dén seng énnerschrëft refuséert!

Dat sollt en drëtten retard gin,
mé de' vu Buchenwald hun hârt kâpp, au si sin o'ni dem minister seng énnerschrëft gefur.

Eso' k'omen ons jongen vu Buchenwald erem!!

D'Unio'n a matt fir wor d'ganz land an enger fréid iwer de succés, an si hun aner transporter organiséert. Durophin go'wen d'grenzen zo'gemach. An der chamber huet den

FRIDDEN!

Virun der Passerell ze'en se d'dre't vun de leitongen erof, de' d'Amerikaner virun en etlech me'nt geluecht hätten.

Dén én ass nach „feldgrau“, dén aneren huet eng blo flakuniform un. en drëttent ass ondëfinierbar.

„Deutschland, Deutschland über alles...“ et ass en zimlech spärleche rescht dé bliwen ass.

Soll et haut eriwer goen? Sollen se haut capitule'erien? D'rieder vum traam dre'en et, schmuemlëschen au der lücht peifen et, „Soll et haut zu enn sin??“

Nach bisher unbestätigten Gerüchten, „D'après les renseignements de source non officielle...“ „Hei ass Radio Letzeburg, matt der Letzeburger v'erelstonn...“

„So dre' emol de knäppchen zo', soss gin och geckech.“

D'butiker hun nach op an d'leiddin och nach op de büro, net presse'ert, se wärden, se kucken én dén aneren un, et wärt dach é kommen, dén en et sét...“

Et schengt et worn d'Amerikaner, si hâlen et vum Headquater mattgedélt kritt, o och ganz inoffiziell, an et huet och kén eppes viru gesot, iéwel jidferé wo'sst et, fir d'allere'scht ons jong kannen, a scho kommen se d'strössen eran, dat lefft bekannte bild, arm an arm, hand an hand, me' klenger me' gro'sser, a virun der spëtz de Jos, matt senger sche'ner härder stëmm, an ech kann dem Prënz Félix neischt verdenken, datt e sech durfir intresse'erien a begeschtere kont.

En hantiparleur get d'nouvelles iwert d'ströss, op russesch, hollännesch, op tschechesch... an et ass nach émmer net offiziell.

„Papp, ech gin den owend mam fäkelzuch.“

„A wo' he'le mer dann de' fäkelen hir, du gés sche'n an d'bett Jempi, do bass de gudd versuerget.“

An d'mam op der kummerfénster: „Jempi, du gés matt a wa keng fäkelen do sin, da ma mer e fäkelzuch o'ni matt, mir hun an de leschte joren eso' vill o'ni matt gemach, et wärt och elo op eng ke'er ugoen.“

Hätt é mënsch geduecht; datt et eso' vill leidd an der stad ge'wen, d'ströss si schwärz, se gin hot an har, et wëss ké wat eigentlech lass ass, si wärden, si si fro' a glécklech, se brauchen neischt offizielles me', et gét en dur.

Et muss neng auer sin, vleicht ass, et och schon halwer zeng, nach nei ganz deischter, an op émol ro'eg we' an enger kirech, eng al fra fald d'hann, uewen um himmel licht gro'ss a stéll d'kreiz vun der Cathédral, licht fir d'escht zénter länge joren, an de bourdon fänkt un ze lauden.

Enne vun der kasère kommen se erop d'militärmusek an ons jongen ons neigebaken zaldoten, ons scouter, ons studenten, d'fakèle lichten, a vun zeit zu zeit gét en helle schein iwert d'ganzt stadtbild, se brenne frédefeier of, an der Grosgäss lichten d'reclamen erem, nach net all, eng an dann nach eng, an enger fénster gin d'luchten un, uewenop gi keng fuedé me' erof gelöss.

No réactio'nsschluss erfure mir, dat „Luxemburger Wort“ sein artikel vun e mettwoch „Ein Mission“ an hirer nummer vun hauf redresse'erien.

Dé krich ass aus....

Virum palais strecken se d'hann entge'nt, se sangen, se jeitzen. An dertëschent, verschwësst matt engem bronggebrannte schmuele gesicht en Amerikaner, e sieht sech eraus ze schaffen, firwat datt en dann net bleiwe wëlt? E kann net, se sin némmin hei dürchgefur, si wo'ssten net, datt de krich aus wir, se sin zwielef stonnen gefur, an elo sin se am émzuch mattgängen, iéwel se müssen erem bei hiren „truck“, eso verpassen se den anschluss... e wénkt ge'nt de balcon wo' d'Grande Duchesse stét: „We know her very well in the States“, e lächt, seng weiss zänn blenken, nach eng ke'er gewént, da quetscht en sech durch d'wull.

Op engem fénstervirspronk sëtzt e jonge mënsch, en huet de kapp an d'hann gesteipt, e kuckt eng ke'er op, da le'sst en de kapp erem hänken, eng kleng scoutin sëtzt sech niéwenten: „Ass et léch net gudd?“ De jong réselt de kapp: „Meng eltere sin émgesidelt an nach net erem, a mei brudder ass gefal.“

Hat bleiwt nach e pur sekonde sëtzen, da stét et dues op a gét erem virun, wat hätt et och solle soen??

De leschte fäkelschein fällt op e stéck zeidong wo' e beierchen seng schmier dran agewéckelt hält: August 1944, Kreislag in Luxemburg... Gau-leiter Gustav Simon verlangte nicht dass ihm der Luxemburger mit jubelnder Begeisterung entgegenkam, dazu ist der Luxemburger zu kühl und abwägend...

D'Gro'sherzogin stét nach émmer um balcon, de beierchen huet seng schmier eran, e stét op de still, e wénkt, e wénkt matt beden hänken, e greift nom stéck pobeier an e wénkt ge'nt de balcon; an de schein fällt nach eng ke'er op de' wider, „dazu ist der Luxemburger zu kühl und abwägend...“

Um Lampertsbiereg sche'ssen d'Amerikaner lichikugelen of, ro'd, weiss, an erem ro'd, aus der offener fénster d'meldunge vum radio, énnen aus der stad erop sangen, russen.

„Der kühle, abwägende Luxemburger“, dém et u' jubelnder Begeisterung følt, feiert fridden. ms.

Fönnel op zwielef

We' amücheren huet des dég sech eng ugeknëtzelt op de fridd an dobei net iwerluecht, datt némmin armistice (waffenstillstand) ass. Nujé de gréchen wor durfir net me' schlecht an och net me' dieft!

Sche' wir et jo, wann de fridden automatesch mam enn vum krich gebuer wir, awer leider wor dat nach

Abonne'ert op d'Unio'n

Ech bestellen heimatt e postabonnement op d'Unio'n

Num a virenum _____

Beruff _____

Wunuerf _____

Strass _____

ni wo'er. Et ass eso'gur me' schwe'er de fridden ewe' de krich ze gewanen, dat hu mer jo scho bal all erliéwt. 1918 wor de virleschte kriet um enn, mé zwanzeg jor me' spe'i wor de fridden nach net geschaf, am ge'endé, et huet erem no engen nie krich geroch.

—::—

Armistic! Et ass erem verbueden de vis-à-vis do'tzesche'ssen, och-den zaldoten. D'angscht vun de bommen a granaten huet en enn! D'zaldote-kirfecher si gro'ss genuch! Och material ass genuch an o'ni positive notzen verschwendt gin. D'kanon'ne raschten an. Ké schued!

—::—

Armistic! De' vill verschließt aus alle lännern kennen elo op dem nækte wé erem aus Deitschland an d'hémecht. Och ons vill Letzeburger. Dat möcht ons fré a mir wénschen hinnen eng schneil a glécklech rés an d'hémecht! An dem neie rapatriementsminister vill courage, fir d'sach besser a me' practesch unzepaken!

—::—

Armistic! Ons jongen, de' nach gezwungen an der preisescher arme sto'ngen, brauche net me' fir eng verhässte sach hirt liéwen ze lössen. Och fir de' aner, de' durch krichs-éinstänn — an och well net eso' vill fir si gemat we iwer si geriéd go'w — nach a gefangenelager végéteren, hoffe mer, datt elo gescheek get, well vill excusen fallen elo eweg. Hinnen all wünsche mer e se'e're retour an d'hémecht!

—::—

Armistic! Gro'ss fré! De' eng démonstre'eren matt fendl, matt uniform, matt musek, matt gesank, de' aner gëssen sech vu begéschterong eng hannerd de rimm oder danzen sech d'kre'naen an de buedem eran, de' drëtt feiere stéll fir sech dohém, sätzen em de radio ze lauschteren, wo'bei hinnen heitdo enthustiatesch schuddréngent durch d'oderen dauschen.

—::—

Armistic! D'klacke lauden! D'siréne bröllen! D'mitrailllette knadderen! D'kanner sangent D'honn wauwauen den tak! D'kätzte miaue we' am mél! D'ke' si ro'eg — si können net san-gen! D'pompjéen láschen den e' wegen dúscht! D'musek tateratafat! De' déck tromm hummert! D'clairongen fan-faronne'reen. Allons enfants de la patrie... It's a long way — Wo' d'Uelzech durech d'wisen ze'... O du do uewen, dém séng hand...

Et ass e sche'ne concert, gedroe vu vill begéschterong. Ech wëlt, e ge'ng d'welt an de' stëmmong eraspillen, wo' raus kënt e gerechten a mënsch-liche fridde gebuer gin!

—::—

Aus der

UNIO'N

RICHTEGSTELLONG:

Mir erklären heimatt formell, datt et net der Unio'n hire féler wor, datt d'russesch nationalhymn net direct gespilt go'f. D'russesch nationallied stong um programm vun der Unio'n a wor vun der militärmusek vergiess gin, wat se jo herno erem gudd gemacht huet.

* * *

Ons Victory-feier. — Honnerte vu leid sto'ngen den 8. mé op der pléssdärem, de' op de concert gewärt hun, dé fir halwer zéng ugesot wor... mé emsoss.

Net némmin dat, mé d'leidd hätten ons hémechtslidder am hérz an hätten eso' gér hire gefiller loft gemach, och o'ni musek hätten si gér d'hymnen vun onse frénn gesongen, mé et wor kén do, dén den usank gemach huet. En Amerikaner huet alt eso' gudd ewe' et gong onse Feierwon gesongen, soss wor alles ro'eg. We' wésekanner sto'ngen se all do, we' wann se vun all mënsch verlöss wiren.

Aplaz frédeg sin de' méscht traureg héim gäng a si hun sech gefrot ob dach net é vun onse conseillén oder député'erten é moment fir d'vollek hätt, fir him eng riéd ze hâlen a matt hinnen d'allie'ert didder unzestëmmen, durno hätten si jo nés kënten héim goen fir hir flaschen auszédrénen.

Ass d'vollek da vun der ganzer welt verlöss?

SPORT

Internationale Footballmatch

Franso'sen zo' Letzeburg

E samschdeg, den 12. mé spiltt ém 15,30auer d'letzeburger studentemannschaft ge'nt de Nancy-Université-Club a folgender opstellong:

Bollendorf (Ath.) — De Bourcy (Norm.), Schlessier (Ath.), — Burger (Ind.), Delvaux (Norm.), Hoscheid (Ind.) — Brasseur (Iéch.), Becker (Norm.), Scheer (Art.), Weydert (Ind.), Legerin (Ath.).

De Nancy-Université-Club spiltt a folgender opstellong:

Peter — Wagner, Blanpied — Meillier, Maroni, Bernard — Depoullain, Wester, Cavallini, Prieur, Fournier.

Den hèr

Joseph SPELTZ, fo'sspezialiste, ass gestuerwen fir d'hémecht am K. Z. zo' Hinzert (Arbeitskommando), den 21. märz am alter vun 45 jor.

Letzeburg, Al-avenue 36.

E méndeg, de 14. mé 1945, ass an der pârkirch vu Clausen, em 9 auer, de e'scht-jormass fir den hèr

65a

Pôl BESCH

D'familjen Besch-Strasser

E sonnade, den 13. mé 1945, ass an der pârkirch zo' Bous e feierlechen trauerdéngscht fir de zwe' gefalen jongen:

Willy KNEPPER

Marcel FOETZ

D'mass get zo' gleicher zeit ge'hâlen, fir all de' émgesiedelt an de' jongen aus onser pâr de' nach gezwungen an der wehrmacht sin.

64b

D'Unio'n Bous an d'Ligue „Ons Jongen“.

Drok Fr. Bourg-Bourger, Letzeburg.

ausschneiden an aschécken un zentral: Josef II-ströss 7 oder un d'zeidong: Alavenü 40.